DEMOKRATESCH PARTEI

Betzder

# No bei dir.



## KANDIDATEN A WALPROGRAMM


# FIR D'GEMENG BETZDER

Lëscht 2

# No bei dir.

## EIS KANDIDATE FIR D'GEMENG BETZDER

Lëscht 2



**PATRICK LAMHÈNE**
Gemengeconseiller
Pensionaire
68 Joer, Rued-Sir




**STUART ATKINSON**
Enseignant
51 Joer
Bierg



**HUGO DA COSTA**
Student
18 Joer
Rued-Sir



**CLAUDE FABER**
Employé Spuerkeess
46 Joer
Rued-Sir




**NICOLAS HAELEMEERSCH**
Student
19 Joer
Rued-Sir



**JOÉ HOFFMANN**
Pensionaire
67 Joer
Ouljen



**CATHY JALINAUD HILGER**
Educatrice graduée
51 Joer
Rued-Sir



**CLAIRE MOULIN CLÉMENT**
Pensionéiert Léierin
74 Joer
Rued-Sir



**GREGORY SAEUL**
Conseiller am Wirtschaftsministère
43 Joer, Rued-Sir



**JULES SAUER**
Gemengeconseiller
Elektrikermeeschter
64 Joer, Rued-Sir



**CRAIG TAYLOR**
Manager IoT Europe
38 Joer
Menster

BETZDER.DP.LU

# No bei dir.

D'DP Betzder trëtt bei de Gemengewale vum 11. Juni un, fir erëm Verantwortung z'iwwerhuelen, an eis Gemeng mat dir zesummen ze gestalten.

Eis Ekipp steet fir eng transparent, dynamesch a biergerno Politik. Mat eis ginn d'Bierger bei gréissere Projetë mat agebonnen, informéiert a consultéiert.

Vill Projeten, déi d'DP an der viregter Legislatur lancéiert huet, sinn déi lescht sechs Joer fäerdeg ginn. Mir denken do un den neie Pompjeesbau, d'Gestaltung vun der Fieweschplatz zu Menster oder d'Gebai Bowengsbierg zu Rued. Net ze vergiessen den neie Supermarché, deen d'DP an d'Gemeng bruecht huet, an deen no 10 Joer endlech opgaangen ass.

Den aktuelle Schäfferot huet och eng Rei Projete lancéiert. Een Deel dovunner mat eisem Support, ma verschiddener dovunner wäre mir anescht ugaangen! D'Bedenke vun der Oppositioun a vun de Bierger sinn awer systematesch ignoréiert ginn. An op déi berodend Kommissiounen – also op de Bierger – ass nëmme gelauschtert ginn, wann den Avis d'Majoritéit arrangéiert huet. Dat wäerte mir anescht maachen! Net alles kann erëm a Fro gestallt ginn, ma do, wou et néideg a méiglech ass, wäerte mir no Léisunge sichen, fir nozebesseren.

D'DP ass fir nohalteg Investitiounen an d'Zukunft vun eiser Gemeng: Mir si fir Infrastrukturen, déi de Besoinë vun eiser Gemeng entspriechen. Dat ass eng absolut Prioritéit. Nohalteg investéieren, heescht fir eis awer net, d'Gemengereserve vu ronn 28 Milliounen Euro bannent sechs Joer ze verbrauchen an d'Gemeng doriwwer eraus mat acht Milliounen Euro nei ze verschëlden!

Mir soen iech dofir elo scho Merci, fir den 11. Juni d'Lëscht vun der Betzder DP z'ënnerstëtzen an d'Zukunft vun eiser Gemeng nohalteg an zesummen ze gestalten!

**Deng Ekipp vun der DP Betzder**

**betzder.dp.lu**

You can find translations here
Les traductions sont disponibles ici
As traduções podem ser vistas aqui

# Mir setzen eis an...

## FIR DECH, D'BIERGER, D'VERÄINER AN D'KULTUR

- **FIR DÉI JONK**
  - méi Moyenë fir d'Jugendhaus an d'Opstocke vum Personal
  - eng erweidert Offer vum Nightlife-Bus
  - Schafe vun engem Kanner- a Jugendgemengerot, deen op d'Besoinë vun de Jonke lauschtert
- **FIR DEN 3TEN ALTER**
  - eng méi grouss Offer un encadréierten Aktivitéiten
  - méi Plazen an den Altersheemer, déi eng Konventioun mat der Gemeng hunn
  - méi Bänke laanscht d'Trëppelweeër
- **FIR D'VERÄINER**
  - méi logistesch Ënnerstëtzung bei groussen Eventer a bei der Ëmsetzung vun de Green events-Obligatiounen
- **FIR ALL EIS BIERGER**
  - eng méi diversifiéiert, kulturell Offer an dengem Syrkus, besonnesch och fir eis Jugend
  - Hëllef bei den administrativen Demarchen





## FIR E NACH MÉI FLOTTE SCHOULCAMPUS

De Schoulcampus soll och no der Schoul en attraktive Treffpunkt fir eis Kanner sinn an de Kontakt tëscht den Eltere fërderen. Op Basis vun enger Biergerconsultatioun wëlle mir de Campus nach méi sécher an attraktiv maachen. Mir denken un eng méi grouss Fräizäitoffer (z.B. Skate- oder Bikepark), eng punktuell verbessert Beliichtung, méi Bänken an u Bordüren, déi d'Parkplazen an de Fousswee vunenaner trennen.



## FIR D'NATUR, BIODIVERSITÉIT A MÉI NOHALTEGKEET

- Ausbau vun der Photovoltaik op de Gemengegebaier, ma och bei de Privatleit
- Opwäerte vun de Gemenge-Bongerten a Promotioun vun der Aktioun Giele Bändchen, fir datt d'Bierger besser dovunner profitéiere kënnen
- Anti-Gaspi-Frigo bei der Schoulkantin
- Installatioun vu Beiestäck
- Jardins communautaires – Extensioun vun der Offer op aner Uertschafte vun der Gemeng
- Méi Informatiounen iwwert den ëffentlechen Engagement am Beräich Nohaltegkeet a konsequent Ënnerstëtzung fir eist Team vum Klimapakt



## FIR MÉI ABORDABELE WUNNRAUM

- Opkafe vun interessanten Terrainën an Objeten duerch d'Gemeng
- Opstocke vum Parc locatif vun der Gemeng



## FIR DENG MOBILITÉIT

- Relance vum Betzbus
- Färderung vun der doucer Mobilitéit:
  - méi sécher Träppel- a Vëlosweeër, besonnesch fir erop bei de Supermarché
  - Installatioun vu Stations Services fir kleng Reparature fir d'Vëloen, z.B. bei de Garen an um Schoulcampus
  - Ënnerstëtzung vu Pedi- a Vëlobus-Initiativen um Schoulwee
  - Verbesserung vun der Infrastruktur vun de Bushaisercher
  - Installatioun vun digitale Bus-Panneauen
  - Besser Busverbindungen; notamment tëscht Ouljen a Banzelt
- Kuerzzäit-Parkplaze bei der Gare, fir d'Cliente vum Duerfbuttek a fir d'Patiente vun eisen Dokteren
- Limitatioun vun der Parkdauer op de Luetstatioune fir d'Elektro-Autoen
- Verkéiersberouegung vun eise Stroossen
  - duerch Bossen, duerch Stroosseverengungen an duerch Vitesslimitatiounen
  - duerch politeschen Drock, fir datt d'Verkéiersberouegung vun der N1 endlech ëmgesat gëtt



## FIR DEN AUSBAU VUN DE GEMENGESERVICER

- Mir brauchen eng Apdikt an eiser Gemeng
- Mir wëlle kucken, ob eidel Gemenge-Gebaier net kënnen als Co-working Space fir jonk Entrepreneren aus der Gemeng profitéiert ginn



## FIR ENG MÉI DIGITAL GEMENG

- Ee Member vum Schäfferot soll responsabel fir d'Digitalisatioun vun der Gemeng ginn
- Déi administrativ Demarche solle méiglechst digital accessibel ginn
- Approche Paperless: Du solls de Choix hunn, ob's du de Gemengebuet oder aner Kommunikatioune vun der Gemeng op Pabeier an deng Bréifkëscht oder digital iwwer Email kriss

# EISE SPËTZEKANDIDAT
## FIR D'GEMENG BETZDER

De Patrick Lamhène, Mann vum Nicole Jung, wunnt zanter iwwert 40 Joer an der Gemeng Betzder.

Wärend 4 Joerzéngten war de Patrick am Déngscht vun denger lëtzebuerger Bank, wou hien zum Schluss vu senger Karriär Direkter war.

Haut genéisst hie seng wuel verdéngte Pensioun a profitéiert vu senger Fräizäit, fir sech a senger Gemeng ze engagéieren.

Dëst net nëmmen an senger Funktioun als Gemengen Conseiller, ma och als laangjäregen President vum Dësch Tennis Rued an vum Tennis Rued.

Engagéiert ass hien awer net nëmmen am Sport, ma och am Sozialen als Tresorier vun den Widdebierger 50+ an als laangjärege Member vum Gaart an Heem Ouljen.

Politesch engagéiert sech de Patrick, nieft senger Funktioun als Conseiller, och als Member vun der Kulturkommissioun, vun der Commission des Citoyens a vun der Finanzkommissioun.

An der Fräizäit déi him nach bleift, freet de Patrick sech iwwert déi laang Spadséiertouren, déi hie mat senger Fra Nicole an hirem Mupp Sheera genéisst.

An och an Zukunft well de Patrick sech, mat der ganzer DP-Ekipp, fir d'Gemeng an d'Wuel vun de Bierger asetzen.



**PATRICK LAMHÈNE**

Lëscht 2

# EIS KANDIDATE
## FIR D'GEMENG BETZDER




**STUART ATKINSON**
Enseignant
51 Joer
Bierg



**HUGO DA COSTA**
Student
18 Joer
Rued-Sir



**CLAUDE FABER**
Employé Spuerkeess
46 Joer
Rued-Sir




**NICOLAS HAELEMEERSCH**
Student
19 Joer
Rued-Sir



**JOÉ HOFFMANN**
Pensionaire
67 Joer
Ouljen



**CATHY JALINAUD HILGER**
Educatrice graduée
51 Joer
Rued-Sir




**CLAIRE MOULIN CLÉMENT**
Pensionéiert Léierin
74 Joer
Rued-Sir



**GREGORY SAEUL**
Conseiller am
Wirtschaftsministère
43 Joer, Rued-Sir



**JULES SAUER**
Gemengeconseiller
Elektrikermeeschter
64 Joer, Rued-Sir



**CRAIG TAYLOR**
Manager IoT Europe
38 Joer
Menster